

# Courrier de l'Éducation nationale

Le mensuel du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

JUILLET-AOÛT 2024

# A07

**Dans ce numéro :**

## LES ACTUALITÉS DU MENJE

Pour en savoir plus.....	2
Nominations .....	2

## À la UNE

<b>De Courrier de l'Éducation nationale hält op.....</b>	<b>3</b>
Matériel didactique pour l'enseignement fondamental - Bon de commande 2024/2025.....	6
EduTrends 2024 .....	7

## Leseförderung

D'Li Meyers ass d'Gewënnerin vun der 19. Editioun vum Virliesconcours .....	9
Offiziell Präisiwwerreechung vum Kanner- a Jugendliteraturpräis.....	13
Den neie Piwitsch ass do .....	14

## BRÊVES

KONBO Konzentratiounsbox .....	15
Projet Plan d'études 2025 : Aktuelle Stand .....	17
27 <sup>e</sup> finale du concours MaachMath : les lauréats sont connus.....	18

## LE MONDE DE L'ÉDUCATION

### Manifestations

Familjen-Center - D'Rees vum Päiperlek.....	20
Eltereschoul - Programm .....	21

### Publications

BnL - De Litty.....	23
ZpB - Expositions.....	25

# Merci

*Alle Lieserinnen  
a Lieser MERCI  
fir hiren Intressi  
um CEN iwwer  
dës laang Zäit.*



LE CEN arrête sa parution avec  
le n° 07/08 2024.

Les archives des dernières années du CEN peuvent  
être consultées en ligne sur [www.men.lu](http://www.men.lu),  
rubrique "Publications".

## Pour en savoir plus :

- [Webinaire um radio 100,7: E Léierplang fir d'Zukunft – Plan d'études 2025](#)
- [Journée « All inclusive » : augmenter la visibilité de l'inclusion scolaire au Luxembourg](#)
- [Erste Zwischenbilanz des Pilotprojektes "zesumme wuessen!" - Projet Alpha'](#)

## Nominations :

Au 15 mai 2024 :

Monsieur Christian BOUDOT a été nommé directeur adjoint au Sportlycée.

Au 15 juin 2024 :

Madame Andreia DIAS DE PAIVA a été nommée directrice adjointe à l'Office national de l'enfance.

Monsieur Nicolas BONIFAS a été nommé directeur adjoint au Lycée Guillaume Kroll.

Au 1<sup>er</sup> juillet 2024 :

Madame Tessa PETRO a été nommée directrice adjointe au Service de l'intégration et de l'accueil scolaires.

Au 15 juillet 2024 :

Monsieur Claude MOYEN sera nommé directeur adjoint au Lycée Classique de Diekirch.

## ÉDITORIAL

Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

33, rives de Clausen  
L-2165 Luxembourg

layout: Service presse et  
communication

e-mail: [cen@men.lu](mailto:cen@men.lu)

tél.: +352 247-85114

consultez notre site:  
<http://www.men.public.lu>



## De Courrier de l'Éducation nationale hält op

### D'Nummer Juli-August 2024 ass déi lescht Nummer vum Courrier de l'Éducation nationale

**Den CEN (Courrier de l'Éducation nationale) ass zanter 1952 erauskomm a war laang Joren dat offiziellt Informatiounsorgan vum MEN vrun allem fir d'Enseignanten – mat ë. a. de „Circulaires ministérielles“ un d'Gemengen.**

Et gouf d'Serie A, déi eemol am Mount ausser am August erauskomm ass, a soss extra Serien, déi eemol oder e puermol d'Joer erauskoumen, wéi d'Législation scolaire, d'Questions d'examen, Bicherempfeelunge fir an d'Schoulbibliothék, Statistike vum MEN, ...

Am Laf vun de Jore koumen *Numéros spéciaux* derbäi, Eenzelpublikatioune mat pedagogescher Vocatioun, déi vum MEN oder vun externen Organisatiounen erstallt goufen, an déi da vum MEN iwwert de CTIE-DIFB un all Enseignant vum Enseignement fondamental verschéckt goufen.

E puer *Numéros spéciaux* vum CEN, déi de MEN all Joererausginn huet, ware ganz wichteg: d'circulaire de printemps, d'Postes vacants, de Catalogue des manuels scolaires.

Enn 2008 huet den CEN d'Format gewiesselt: Vun A5 goug et op A4 an den CEN ass faarweg ginn.

D'Informatiounen vum MEN an déi vun den externe Partner si vun do u bewosst mat verschidde Faarwe gekennzeechent ginn. Den CEN ass a Rubricen ënnerdeelt ginn. E ministèresinterne „Comité de rédaction“ huet zesumme gekuckt, wat an de CEN soll kommen an huet och den externe Partner, déi Annoncë wollten an den CEN setzen, geäntwert. Et ass ëmmer Wäert op eng gutt Relecture geluecht ginn.

D'extra Serië vum CEN si mat de Jore lues a lues agestellt ginn.

Den normalen CEN ass bis d'Schouljoer 2013-2014 als Print erauskomm a gouf u ganz vill Enseignanten am Enseignement fondamental verschéckt an och u vill interesséiert Leit soss. Du koom d'Decisioun, aus ekonomesche Grënn den CEN vun der Rentrée 2014 un nach just digital um [www.men.lu](http://www.men.lu) disponibel ze hunn an e via digital Newsletter all Mount un d'Abonnementen ze verschécken.

D'Enseignantë vum Enseignement fondamental waren automatesch op déi Newsletter abonnéiert.

Verschidden Texter a Rubricen sinn nach ëmmer speziell fir den CEN geschriwwen ginn, mee lues a lues huet den CEN vrun allem Infoen erëmgeholl, déi z. B. um Site [www.men.lu](http://www.men.lu) scho verëffentlecht waren.

Extern pedagogesch Annoncë waren awer nach ëmmer dran. Dobäi ginn et eng Rei Partner, déi ganz reegelméisseg hir Infoen am CEN publizéiert hu wéi z. B. d'Eltereschool, den Zentrum fir politesch Bildung, den Cesas, ...

De Focus vum CEN war ëmmer den Enseignement fondamental, och wa verschidden extern Annoncen doriwuer erausgang sinn.

An de leschte Jore sinn d’Kommunikatiousskanäl allgemeng, an déi vum MEN speziell, ëmmer méi vilfältig ginn: De [www.men.lu](http://www.men.lu) krut eng eegen Newsletter, verschidden Infoe si via Mail un d’Enseignantë verschéckt ginn, de MEN ass an de soziale Medien aktiv ginn a krut e Facebook-Account, den „EduZoom“ dréit zanter de Coronajoren als digital Newsletter Infoen un de Public a vill Servicer vum MEN hunn eegen Internetsitten.

Domat verschwënnt déi speziell Funktioun vum CEN an et gouf decidéiert, den CEN zum Enn vun dësem Schouljoer anzustellen. D’Nummer vum Juli-August 2024 ass déi lescht Nummer vum CEN.

### **Wou fënnt een d’Informatiounen, déi bis elo am CEN ze fannen waren?**

- Vill Infoe fannt Dir um [www.men.lu](http://www.men.lu) oder op de Sitte vun de verschiddene Servicer vum MENJE.
- D’Nominatioune ginn um Portail [www.enseignement-fondamental.lu](http://www.enseignement-fondamental.lu) kommunizéiert.
- D’Informatiounen aus der Rubrik Leseförderung – Schulbibliothek – Medienerziehung: Déi fënnt een deels um Site [www.script.lu](http://www.script.lu), deels um Moodle, dee fir d’Grondschoulbibliothéiken an d’Liewe geruff ginn ass, an deels um Site [www.liesen.lu](http://www.liesen.lu), deen am spéiden Hierscht nei vum SCRIPT lancéiert gëtt.
- Annoncé vun externe Partner fannt Dir direkt op de Kommunikatiousskanäl vun deene Partner an eventuell um Site [www.enseignement-fondamental.lu](http://www.enseignement-fondamental.lu).

### **Wat kënt Dir maachen, wann Är Annoncé bis elo am CEN waren an Dir Är Infoe weider iwwert de MENJE un d’Enseignantë vum Enseignement fondamental wëllt ginn?**

- Macht eng Mail mat Ärer Annonce u [communication.ef@men.lu](mailto:communication.ef@men.lu). D’Direction générale de l’enseignement fondamental analyséiert uschléissend, ob d’Annonce op hirem Site [www.enseignement-fondamental.lu](http://www.enseignement-fondamental.lu) publizéiert gëtt.

Mir bieden Iech an dësem Zesammenhang, Är Demande fir eng Publikatioun vun enger Annonce spëtstens 2 Woche virun der gewënschter Publikatioun eranzeschécken. Dës Demande muss folgend Elementer enthalen:

- Publikatiounsdatum;
- Titel;
- Text (ggf. mat entsprechende Links, Kontaktpersonen etc.) op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch;
- Op d’mannst ee Bild, dat als Titelbild mam Artikel publizéiert gëtt. Mir bieden Iech hei, eng méiglechst héich Opléisung ze assuréieren;
- Zilgrupp vun der Annonce (Enseignanten, Regionaldirektiounen, Gemengeverantwortlecher an/oder Grand public).

### Archive vum CEN


Wann Dir Intressi um Contenu vum CEN iwwer all déi Zäit hutt: Am Prinzip steet de kompletten CEN an der Nationalbibliothék. De Katalog ass accessibel via [www.a-z.lu](http://www.a-z.lu).

Um [www.men.lu](http://www.men.lu) stinn déi puer lescht Jore vum CEN als PDF an der Rubrik Publications: <https://men.public.lu>

### Merci

De Comité de rédaction seet alle fréieren an aktuelle Mataarbechterinnen a Mataarbechter vum MENJE, déi derzou bäigedroen hunn, dass den CEN esou laang konnt bestoen, MERCI a seet och den externe Partner MERCI. MERCI och dem CTIE-DIFB fir déi laangjäreg Diffusioun vum CEN.

Alle Lieserinnen a Lieser MERCI fir hiren Intressi um CEN iwwer dës laang Zäit.





## EduTrends 2024 : un énorme intérêt pour la digitalité

La deuxième édition de la conférence EduTrends les 5 et 6 juin 2024 a connu un vif succès. Quelque 280 personnes ont assisté à la soirée de lancement au Kinapolis à Luxembourg-Kirchberg le 5 juin et environ 200 personnes ont participé à la trentaine d'ateliers proposés à Esch-Belval le 6 juin.



### Un forum interactif sur l'éducation du futur

Lancé en 2023, EduTrends est un forum interactif d'échanges d'idées, de bonnes pratiques et d'innovations dans le domaine de l'éducation. Il s'adresse en premier lieu aux professionnels de l'éducation, mais aussi – vu la portée des thématiques – aux élèves et à leurs parents.

Alors que la première édition d'EduTrends début juillet 2023 a fait la lumière sur les grands défis pour l'éducation – modernisation, plurilinguisme, digitalité, participation, bien-être, développement qualitatif – la deuxième conférence a abordé toutes les facettes de la digitalité dans l'éducation.

Les tendances numériques, les outils et compétences ainsi que l'intelligence artificielle (IA) et l'avenir du paysage éducatif dans un monde numérique étaient ainsi au premier plan au cours des deux journées d'études et de réflexions au cours desquelles de nombreux cas pratiques ont pu être analysés dans des ateliers animés par de nombreux spécialistes.

### De nombreuses pistes pour répondre à un défi complexe

« Nous ne sommes plus en mesure d'envisager un quotidien sans les outils digitaux. Ils peuvent améliorer l'éducation, la rendre plus équitable et plus moderne. D'un autre côté, ces outils peuvent également détourner l'attention dans les salles de classe et peser sur les interactions entre personnes. Ce serait une erreur de se fermer au progrès, mais ce serait aussi erroné de négliger le côté humain », a expliqué Claude Meisch, le ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse lors du coup d'envoi d'EduTrends 2024.

### **L'intelligence artificielle dans l'éducation : chances et défis**

La soirée d'ouverture fut marquée par le keynote speech intitulé « L'intelligence artificielle comme catalyseur d'innovations dans l'éducation » de Pavle Madzirov, directeur d'école en Allemagne et auteur de nombreux ouvrages à succès sur l'intelligence artificielle dans le monde de l'éducation. L'orateur a partagé ses expériences très concrètes avec l'IA dans l'amélioration des processus dans son école.

Des spécialistes nationaux et internationaux ont par la suite abordé les nouvelles tendances digitales dans l'éducation à partir de perspectives différentes..

### **Une grande offre d'ateliers pour approfondir les thématiques**

Lors de la deuxième journée d'EduTrends, les participants ont pu assister à de nombreux ateliers, démonstrations et à une Foire autour des nouveaux instruments digitaux dans le domaine de l'éducation. L'occasion de faire le plein d'informations et d'idées à ce sujet.

Les ateliers étaient notamment consacrés à l'intégration de l'intelligence artificielle dans l'apprentissage, à l'impact des médias sociaux sur le bien-être des jeunes, aux règles éthiques pour l'IA dans la salle de classe du futur, à l'usage de la réalité augmentée pour concrétiser les apprentissages, à la cybersécurité et à l'exploration des possibilités actuelles et futures des tablettes numériques à l'école.

### **[www.edutrends.lu](http://www.edutrends.lu) : une mine d'informations**

Retrouvez plus d'informations sur les thématiques au cœur de la conférence sur [www.edutrends.lu](http://www.edutrends.lu).

Des podcasts sur l'intelligence artificielle, l'utilisation des outils digitaux dans l'enseignement et le bon usage des écrans ont par ailleurs été réalisés en marge d'EduTrends. À écouter sur [www.edutrends.lu](http://www.edutrends.lu) et [www.men.lu](http://www.men.lu).


### **[edutalk – série de podcasts sur le monde de l'éducation](#)**

L'édition 2024 d'EduTrends, la grande conférence sur les tendances dans l'éducation, était entièrement dédiée à la digitalité.

EduTrends Digitalité est un podcast du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse qui aborde les chances et les défis de la digitalisation dans le monde éducatif ainsi que les compétences digitales développées à l'école.



## D'Li Meyers ass d'Gewënnerin vun der 19. Editioun vum Virliesconcours



Am Ariston, dem ale Kino zu Esch-Uelzecht, deen elo en Deel vum Escher Theater ass, koumen den 11. Juni 2024 am Nomëtteg déi 8 Finalistinne fir d'Finall vum Virliesconcours 2024 zesummen. Et waren effektiv just Meedercher, déi sech ënnert méi wéi 3 200 Partecipanteën a Partecipanten aus dem Cycle 4 am ganze Land qualifizéiert haten.

### Eng Rei Neierungen

Dëst Joer hat de Virliesconcours eng ganz nei Nues: All Kand huet bei der Umeldung zwou Liessproochen uginn, eng éischt Sprooch, déi d'Kand als seng stäerkste Virliessprooch ugesäit, an eng zweet Sprooch, an där et och gär virliest. Déi huet awer eréischt vun der Véierelsfinal un eng Roll gespillt. Als éischt Sprooch haten d'Kanner d'Wiel tëscht Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch. Als zweet Sprooch konnten se och Englesch uginn. Englesch war awer dëst Joer net an der Final vertrueden, well keng Finalistin déi Sprooch gewielt hat.

Weider Neierunge waren eng Halleffinall als zousätzlech Etapp an neierdénge dräi Epreuven an der Final selwer: e „bekannten“ Text, deen d'Kanner iwwert de Weekend konnte virbereeden; wéi gewinnt e ganz onbekanntem Text aus engem Buch als „lecture à vue“ a schliisslech, ganz nei an als Gruppenaufgab, e Liestheater, an deem jee 2 Kanner matenee gelies hunn.

Eng weider Erausfuorderung an der Final war, datt all Kand esouwuel a senger éischter, wéi och a senger zweeter Sprooch huet misse virlesen.

Fir de Kanner méi Fräiheet ze loosse bei der Auswiel vun hirem Extrait um Schoulniveau, gouf vun dësem Joer u keen Thema beim Virliesconcours méi virginn.

D'lokal Selektiounen, vun den Enseignanten an de Schoulbibliothecairen organiséiert, hu fir d'éischt op Klassenniveau stattfonnt, duerno op Schoulniveau. Doropshi goufen et 15 regional Véierelsfinalen an duerno eng Halleffinall, bei där 8 Finalistinnen ermëttelt goufen.

### D'Gewënnerin an hir Epreuven

D'Li Meyers aus der Grondschoul vu Kielen huet de Concours gewonnen. Hatt wosst de Jury esouwuel beim bekanntem imposéierten Text ze iwwerzeegen, grad wéi beim ganz onbekanntem Text an och bei enger ganz neier Epreuve – dem Liestheater.

Als imposéierten Text a senger zweeter Sprooch hat et en Extrait aus dem Buch „En Däiwelsgesicht“ vum Henri Losch an als onbekanntem Text a senger éischter Sprooch huet et aus dem Buch „Pepe und der Oktopus auf der Flucht vor der Müllmafia“ vum Stepha Quitterer virgelies. De Liestheater op Däitsch, senger éischter Sprooch, war extra fir d'Final geschriwwen ginn.

[Hei](#) fannt Dir en Interview mam Li Meyers.

### D'Finalistinnen an hir Präisser

Déi jonk Finalistinne waren: d'Joyce Frères Teixeira, d'Lili Karacs, d'Lenie Keilen, d'Li Meyers, d'Zoé Mohnen, d'Sonia Sterczewska, d'Emmy Turmes an d'Sarah Weber.

All Finalistin krut e Buch an e Bicherbong als Präis. D'Gewënnerin krut e Bong vun enger Librairie fir e méi héije Betrag.

### De Jury an d'Moderatioun

An der Jury waren: de Luc Belling (Responsabel vun der *Division Initiatives et programmes pédagogiques* beim SCRIPT), den Yves Ciaffone (Regionaldirekter am Fundamental), d'Anne Diderich (Libraire), d'Carole Lorang (Direktesch vum Escher Theater) an d'Nora Wagener (Schrëftstellerin).

D'Nathalie Bender, Mataarbechterin vum SCRIPT a laangjäreg Radiomoderatrice, huet de Public – Klassekomerodinnen, Klassekomeroden a Famill vun de Finalistinnen – duerch dëse liewegen Nomëtteg gefouert, bei deem d'Genéisse vum Liesen an Nolauschteren um Rendez-vous waren.

Den Escher Theater an de SCRIPT hunn duerno e Patt an e klenge Maufel zum Beschte ginn.

De Virliesconcours gëtt all Joer am Kader vun der Liesfërderung vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend organiséiert. E riicht sech un d'Schülerinnen an d'Schüler aus dem Cycle 4 vun der Grondschoul.

### De Kanner- a Jugendliteraturpräis fir d'Anja Di Bartolomeo

Virun der Präisiwwerreechung vum Virliesconcours gouf et nach en anere flotte Moment: d'Präisiwwerreechung vum Kanner- a Jugendliteraturpräis un d'Anja Di Bartolomeo. De Luc Weis, President vum Jury, huet eng Laudatio fir d'Auteurin gehal a si huet en Extrait vun hirem präisgekréinten Text virgelies.

### D'Bicher, aus deenen an der Finall gelies gouf

Beim 1. Virliesduerchgang hunn déi 8 Finalistinnen en Extrait an hirer 2. Sprooch virgelies. Dee konnte si iwwert de Weekend virbereeden. Pro Sprooch hunn d'Kanner deeselwechten Extrait gelies.

#### 5 Kanner hunn op Däitsch gelies:



**Wie ich Einstein das Leben rettete** / Cornelia Franz ; mit Vignetten von Petra Baan. - Hildesheim : Gerstenberg, 2020. - 189 p. - ISBN 978-3-8369-6057-1


Lorenzo, Malik und Emily werden 2016 beziehungsweise 2020 bei einer Schiffsreise am Vortag ihres Geburtstags unerklärlicherweise in die Vergangenheit gezogen und finden sich im Jahre 1913 auf dem großen Überseedampfer Queen Mary, einem Auswandererschiff, wieder. Bei ihren Versuchen, wieder in die Gegenwart zu kommen, erfahren sie, dass bei der Ankunft des Schiffs in New York ein Feuer ausbrechen und es Tote geben wird.

Verzweifelt versuchen sie, das Unglück aufzuhalten. Erna und Willy, jeweils junge Passagiere der ersten respektive dritten Klasse, unterstützen sie nach anfänglichem Zögern tatkräftig. Aber eigentlich wissen Lorenzo, Malik und Emily, dass nur Albert Einstein, der auch auf der Queen Mary reist, ihnen die Zeitreise zurück in die Gegenwart ermöglichen kann.

Und ob nach der Landung in New York alles wie vorher sein wird?

In der spannenden Abenteuergeschichte erfährt man einiges über unterschiedliche Lebensweisen und soziale Ungleichheiten zu Anfang des 20. Jahrhunderts sowie über die damalige große Auswanderungswelle Richtung USA.

### Zwee Kanner hunn den Extrait op Lëtzebuergesch gelies:



**En Däiwelsgesiicht : nei Geheimnisser vum "Drolege Schlasshär"** / Henri Losch ; Zeechnungen: Patty Thielen. - Luxembourg : Éd. Saint-Paul, 2005. - 194 p. - ISBN 2-87963-574-8

Déi dräi Geheimnisser vum Schlass, d'Klack um ale Kierfecht, d'Gold am Schlasspëtz an de grujelegen Tunnel hunn de Pit a seng Frënn geléist. Dës Kéier schéckt de Jemp, den drolege Schlasshär, se op d'Sich vun nach méi onheemleche Geheimnisser: e Schatz ënnert enger Heckerous an en Däiwelsgesiicht, dat mat Momenter ufänkt ze brennen.

Eng geféierlech Entreprise fir eis Detektiven. Awer dann ass jo do nach ëmmer de Bobi, dee supergescheiten Held.

D'Buch ass leider net méi an der Librairie ze kréien. Et fënnt een et awer an enger Rei Bibliothéiken.

### Ee Kand huet en Extrait op Franséisch gelies:



**Oups, j'ai raté la fusée !** / Christophe Lambert, Wouzit. - Toulouse : Milan, 2022. - 139 p. - (Presque) seul sur Mars). - ISBN 978-2-408-02051-4

En l'an 2069, Mac Kuley et ses parents se sont qualifiés pour faire partie d'une mission expérimentale de colonisation de la planète rouge. Mac a dû insister pour que son chat Arès, un félin bien potelé, fasse partie de l'expédition.

Sur la station spatiale, tout se passe bien jusqu'au moment où l'ordinateur central ordonne l'évacuation générale de la station. Dans le chaos du départ précipité de la colonie, Mac est oublié et il se retrouve seul. Au début le garçon profite de sa nouvelle liberté qui lui permet de faire tout ce qu'il veut. Mais au bout d'un certain temps, la compagnie humaine lui manque. Quand l'ordinateur central lui révèle la présence d'un autre humain sur la station, il se lance à sa recherche ...

Il existe entretemps une deuxième aventure de Mac Kuley.

### Beim 2. Virlieduerchgang hunn déi 8 Finalistinnen eng komplett "lecture à vue" gehat. Si hunn den Ufank vun engem Kannerbuch gelies.

### Beim Däitsche waren dat fënnef Kanner an do konnt de Public relativ laang dem spannenden Ufank vun dëser Geschicht nolauschten:



**Pepe und der Oktopus auf der Flucht vor der Müllmafia** / Stepha Quitterer; Claudia Weickert. - Hildesheim : Gerstenberg, 2023. - 525 p. - ISBN 978-3-8369-6119-6

Pepe wacht in der Nacht auf, als eine geheimnisvolle Sondereinheit in seine Wohnung stürmt. Die verummten Männer suchen einen gefährlichen Verbrecher – einen Oktopus. Der Oktopus hat sich zu Pepe geflüchtet, aber dieser schützt ihn instinktiv. Der Oktopus versteht Pepe und kann ihm mit Formen und Farben begreiflich machen, dass er unschuldig ist: Als Botschafter der Weltmeere soll er Politiker treffen und sie zu einem Plastikstopp motivieren. Doch die Müllmafia will dies verhindern ...

Pepe will dem Oktopus helfen und findet sich plötzlich auf einer sehr abenteuerlichen Flucht mit dem Oktopus durch Europa und Asien wieder...

Der dicke Wälzer über eine ungewöhnliche Freundschaft eignet sich hervorragend für lesebegeisterte Kinder. Er verbindet spannungsreich und humorvoll Elemente einer Abenteurgeschichte mit den Themen Klimaschutz, Aktivismus, Vermüllung der Meere und dem rücksichtslosen Gebaren der Müllmafia.

### Zwee Kanner hunn den Ufank vun dësem Buch op Lëtzebuergesch gelies :




**Häerzerkinnek : e Krimi** / Henri Losch ; matt Ill. vum Steffi Willkomm. - Luxembourg : Guy Binsfeld, 2007. - 190 p. - ISBN 978-2-87954-182-2

An dem pittoresken Touristestiedchen Häremaacher ass eppes Schreckleches geschitt. Iergendeen huet ee vun der Madame Schintgen hire Jippelcher geschluecht an him d'Häerz erausgeschnidden.

Mä dat ass just den Ufank vu enger Serie grujeleger Doten.

De Marco, d'Carole an de Jean-Philippe sinn déi gebueren Detektiven. Si maachen sech op d'Sich nom Mäerder.

### Ee Kand hutt den Ufank vun dësem Buch op Franséisch gelies :



**Norman n'a pas de super-pouvoir** / Kamel Benaouda. - Paris : Gallimard, 2020. - 336 p. - (Folio junior). - ISBN 978-2-07-514758-3

Norman vit dans un monde où chacun possède un pouvoir extraordinaire. Ce pouvoir, révélé lors d'un test spécial, peut être magique, positif, dangereux, dérangeant voire ridicule – mais il est bien présent.

Presentant qu'il n'a pas de tel pouvoir et voulant échapper à l'humiliation inévitable, Norman décide de tricher et de faire semblant d'avoir un pouvoir spécial. Ses amis vont l'aider dans cette entreprise risquée. Le pouvoir qu'on lui détecte alors par tricherie est malheureusement un don bien trop visible...



## Offiziell Präsiwwerreechung vum Kanner- a Jugendliteraturpräis

Am Kader vun der Finall vun der 19. Editioun vum 'Virliedconcours', dee vum SCRIPT a Kollaboratioun mat de Regionaldirektiounen organiséiert gëtt, ass de 'Kanner – a Jugendliteraturpräis' den 11. Juni 2024 am Ariston zu Esch-Uelzecht iwwerreecht ginn.

Dëse Präis, deen zënter 2022 all Joer vum SCRIPT organiséiert gëtt, ass Deel vun den Initiativen, déi d'Lëtzebuerger Sprooch an der Grondschoul an am Lycée férdere sollen. An deem Sënn sinn Texter ausgezeechent ginn, déi an educatiounsrelevante Kontexter genotzt kënnen ginn.

D'Anja Di Bartolomeo huet de Jury vun der zweeter Editioun vum 'Kanner – a Jugendliteraturpräis' mat hirem Text 'E Krokodil an der Kummer' iwwerzeegt. D'Autorin huet dem Public hiren Text virgelies an deen huet mat Begeeschterung nogelauschert.

Des Weidere goufen nach zwee aner Texter zeréckbehalen: 'Hasta la Vista, Néckel' vum Anja Di Bartolomeo an 'D'Hierschtblat Milly' vum Linda Pleimling. Déi dräi Texter gi vum SCRIPT an enger vu senger Publikatiounen iwwerholl.

Mir gratuléieren deenen zwou Autorinnen heimat nach eng Kéier fir de wuelverdénchte Präis.



### Den neie Piwitsch ass do!



Déi aktuell Nummer vun der Kannerzeitung ass gratis an all Grondschooul am Land verdeelt ginn.

De Piwitsch gëtt et natierlech och um Internet ënnert [www.piwitsch.lu](http://www.piwitsch.lu). Wéi gewinnt fannt dir als Lieserinnen a Lieser aus de Zyklen 3 a 4 och an der aktueller Nummer ofwiesslungsräich Theemen. Den E-Paper fënnt een och op der Internetsäit.

#### Wat gëtt et an dëser Nummer ze entdecken?

D'Olympesch Spiller a Frankräich sti virun der Dier. Dofir hu mir e kleng Bléck an d'Geschicht geworf an eis dat gréisste Sportevenement vun der Welt méi genee ugekuckt. Nom Liese si der sécher en Olympia-Profi!

Waart dir schonn eng Kéier am Beetebuerger Park? Wësst dir, wien sech do ëm déi vill Déiere këmmert? Et ass den 'Zootierpfleger'. De Piwitsch war bis op Beetebuerg kucken, wat fir e flotte Beruff dat ass.

Et gëtt een awer och gewuer, wat genee Astronomie ass, wou eigentlech déi cool Sportaart Indica hierkënt an an der Rubrik *Watgelif* verrode mir, wat et mam Gehaansdag op sech huet.

An e puer Wochen ass awer och Grouss Vakanz. Dofir gëtt De Piwitsch nieft e puer Iddie fir flott Summeraktivitéiten och eng ganz Rëtsch Liestipps.

Déi nei Rubrik *Die Kinderfrage*, an där Kanner der Piwitsch-Redaktioun Froe stellen dierfen, ass och an dëser Nummer nees ze fannen. Dës Kéier fannt dir d'Äntwert op d'Fro, wisou Schëffer net ënnerginn. De Piwitsch ass virwëlzig, weider Froen ze beäntweren: D'Froe kënnen entweeder um Internet iwwert [www.piwitsch.lu/kifra](http://www.piwitsch.lu/kifra) oder per E-Mail op [info@piwitsch.lu](mailto:info@piwitsch.lu) geschéckt ginn.

A wéi ëmmer dierf och eng flott Liesgeschichte net feelen; dës Kéier vum Eline Klaassen mam Titel *Krabutzi-Express*.

Nieft der Piwitsch-Redaktioun waren awer och d'Minireporter nees ganz aktiv. Ze liese sinn an der aktueller Editioun zwou Mini-Redaktiounen vu Stroossen a Bartreng.

#### Wat ass De Piwitsch?

De Piwitsch ass e Projet, fir d'Mediekompetenz vun de Schülerinnen a Schüler aus den Zyklen 3 a 4 vum Enseignement fundamental ze stäerken. Eis Missioun ass, fir de Virwët an d'Kreativitéit, d'Loscht um Liesen an um Schreiwen, mee virun allem de kritesche Geescht vun de Kanner tëscht 8 an 12 Joer ze fërderen.

Zanter dësem Joer gëtt De Piwitsch a spezielle Presentoiren, déi an all Grondschooul stinn, verdeelt. Sollt Dir Froen zu de Presentoiren hunn, kënt Dir lech gäre bei der Ekipp vum Piwitsch per E-Mail op [info@piwitsch.lu](mailto:info@piwitsch.lu) mellen.

## KONBO – KONZENTRATIONSBOX

Entdecken Sie KONBO, ein neues Unterrichtsmaterial für Lehrer\*innen und Schüler\*innen der Zyklen 2 bis 4!

Diese Konzentrationsbox hilft Kindern, mithilfe von Fidgets und einer Vielzahl von Aktivitäts- und Erklärungskarten sich besser zu konzentrieren, den Stresslevel in der Klasse zu senken und das allgemeine Wohlbefinden zu fördern.

### Was ist KONBO?



**KONBO**, kurz für Konzentrationsbox, wurde, auf Wunsch von Schüler\*innen, vom *Service national de l'éducation inclusive* (SNEI) in Partnerschaft mit dem *Centre pour le développement des apprentissages Grande-Duchesse Maria Teresa* (CDA) und dem *Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques* (SCRIPT) entwickelt, um den Grundschulklassen Hilfsmittel für die Steigerung der Aufmerksamkeits- und Konzentrationsfähigkeit zur Verfügung zu stellen. Die Fidgets und Aktivitätsvorschläge der KONBO helfen den Kindern, Stress abzubauen, ihre Konzentration zu trainieren und das allgemeine Wohlbefinden zu fördern.

### Inhalt der BOX

**10 FIDGETS**, die Schülerinnen und Schüler im Unterricht verwenden können, um sich zu entspannen und sich besser zu konzentrieren.

**47 KARTEN**, davon:

- 10 FIDGETS-KARTEN: Sie geben Informationen über die Verwendung der einzelnen Fidgets.
- 13 AKTIVITÄTSKARTEN ZUR KONZENTRATION: Sie geben Anregungen für Aktivitäten, die in der Klasse durchgeführt werden können, um die Konzentration der Kinder zu fördern.
- 11 AKTIVITÄTSKARTEN ZUR ENTSPANNUNG: Sie bieten Vorschläge für Entspannungsaktivitäten, die im Unterricht durchgeführt werden können, um dazu beizutragen, Spannungen abzubauen und Stress zu reduzieren.
- 13 AKTIVITÄTSKARTEN ZUR BEWEGUNG: Sie zeigen bewegungsbezogene Aktivitäten auf, die mit den Kindern durchgeführt werden können, um ihre persönliche Entwicklung und ihr Wohlbefinden zu fördern.

**1 BROSCHÜRE**, welche weiterführende Informationen zu folgenden Themen bereitstellt:

- Fidget-Toys
- Konzentration
- Entspannung
- Bewegung/Bewegtes Lernen
- Do-it-yourself Fidgets

### Bestellung

Die KONBO kann von Lehrpersonen über den [Bon de commande du matériel didactique 2024/2025](#) oder über die [Heydoo-Webseite](#) bestellt werden.

### Weiterbildung

Um tiefer in die Materie der KONBO einzusteigen, bietet das CDA im 1. und 2. Trimester 2024/2025 eine entsprechende Weiterbildung rund um das Thema Konzentration an. In der Weiterbildung werden unter anderem die richtige Anwendung der Fidgets im Unterricht erlernt und weitere Methoden zur Steigerung der Konzentration in der Klasse aufgezeigt. Darüber hinaus gibt es eine Reihe von praktischen Anwendungsvorschlägen sowie Anleitungen zur Gestaltung weiterer Materialien zur Ergänzung der KONBO.

Einschreiben kann man sich ab dem 1. September 2024 auf der Seite vom IFEN unter folgendem Link:

<https://ssl.education.lu/ifen/descriptionformation?idFormation=288491>



## Projet *Plan d'études* 2025: Aktuelle Stand

Lies hei méi doriwwer, wat momentan am Projet *Plan d'études* esou lass ass!

Kick-off vun den Aarbechtsgruppe fir den neie *Plan d'études*

De 14. Mee 2024 sinn déi nei rekrutéiert Membere vun den Aarbechtsgruppen op Walfer ageluede ginn, dëst fir den offizielle Kick-off vum Iwwerschaffe vum *Plan d'études*.

Déi fënnef Aarbechtsgruppe bestinn aus jeeeweils zwee Coordinateuren/Coordinatricen a véier bis sechs Memberen. Si sinn thematesch opgestallt: Sproochen; Mathematik; Geeschtes- Sozial- an Naturwëssenschaften; Bewegung a Gesondheet; Konscht a Kultur.

De Kick-off war d'Geleeënheet fir d'Madame Francine Vanolst, Chef vun der Direction générale de l'Enseignement fondamental a fir den Här Luc Weis, Direkter vum SCRIPT, fir déi nei Mataarbechter/Mataarbechterinne wëllkomm ze heeschen an hinnen en éischten Abléck an hir zukünfteg Missiounen ze ginn. Den Här Halldor Halldorsson, Responsabel vun der Curriculumsdivioun, huet de Werdegang vun dësem Projet an d'Zäitschinn vun den nächste Méint a Jore virgestallt.

Duerno haten all d'Mataarbechter/Mataarbechterinne vun den Aarbechtsgruppen d'Méiglechkeet, sech an Ateliere kennen ze léieren an éischt Gedanken iwwer de *Plan d'études* auszetauschen.

Eng vun den éischte Missiounen vun den Aarbechtsgruppen, déi ab der Rentrée 2024 lassleeën, wäert et sinn, d'Finalitéite vun hirem jeeeweilege Léier- an Entwécklungsberäich fir all Cycle ze definéieren, a sech dobäi op d'Avisen vun de Programmkommissiounen ze baséieren.

Si wäerte bei all hiren Aarbechte vun der Rumm, dem zukünftege *Plan-cadre* vum *Plan d'études*, guidéiert ginn. Opbauend ginn d'transversal an d'fachspezifesch Theemen, d'Progressiounen, déi pedagogesch an didaktesch Prinzipien an all weider Elementer vun de Léier- an Entwécklungsberäicher, passend zu de kognitiven Entwécklungsphase vun de Kanner, fir all Beräich definéiert.

De Kick-off gouf mat engem gemittleche Patt ofgeschloss, wou sech gemeinsam op dës spannend a motivéierend Missiounen gefreet ginn ass.

### Walk-through

Bass du interesséiert, un engem *walk-through* (ca. 2 Stonnen, Einzelinterview) fir déi digital Plattform vum neie *Plan d'études* deelzehuelen? Da mell dech iwwer [curriculum@script.lu](mailto:curriculum@script.lu)!

Et ass wichteg, dass d'End-Utilisateuren, nämlech d'Enseignanten/Enseignanteën, an enger ganz fréier Phas vun der Entwécklung vun dësem neien Outil mat agebonne ginn. Dofir organiséiert d'Ekipp vun der digitaler Plattform momentan sougenannten *walk-throughs* a *user stories* mat Enseignanten/Enseignanteën uechter d'Land, déi net all digital-affin sinn. Sou kënnen allegueren d'Besoinen fir esou eng Plattform berücksichtegt ginn.

Wéi laang mir dës *Walkthroughs* nach ubidde kënnen, mussen mir kucken – dofir mell dech elo, wann s du sécher matmaache wëlls!

### Interview mam Mike Engel

Mir hu mam Mike Engel iwwer d'Theemen 'Orientatioun am EF', 'Karriärfäegkeeten an der Grondschoul' a 'Schoulesch Evaluatioun' geschwat. Wann s du dësen Interview wëlls liesen, kanns du dat [hei](#) maachen.

Schreif dech gären iwwer [dëse Link](#) an eis Newsletter vum Projet *Plan d'études* an, fir up to date ze bleiwen!

## 27<sup>e</sup> finale du concours *MaachMath* : les lauréats sont connus

La finale du concours de mathématiques *MaachMath* a rassemblé cette année encore des centaines d'élèves et d'enseignants. Le mercredi 12 juin 2024, 12 classes de l'enseignement fondamental se disputaient les podiums au Lycée Michel Rodange, tandis que 12 classes de l'enseignement secondaire classique et neuf classes de l'enseignement secondaire général s'y affrontaient le jeudi 13 juin 2024.

### 300 classes candidates, 33 finalistes

Les 33 classes s'étant qualifiées pour la finale du *MaachMath* parmi quelque 300 classes qui ont participé à l'édition 2024 du concours, ont dû mobiliser toutes leurs compétences mathématiques pour résoudre des casse-têtes et autres problèmes particulièrement stimulants.

### Résoudre les problèmes: un travail d'équipe

Suivant la catégorie d'âge dans laquelle figure la classe, cette dernière s'est attelée à résoudre 5, 6 voire 7 problèmes en 50 minutes. Un défi qui requiert un travail en équipe particulièrement bien organisé. Alors que les équipes sont aussi tenues d'expliquer le cheminement mathématique qu'elles ont emprunté pour résoudre les problèmes, des discussions mathématiques animées font partie du concours. Les classes ne sont ainsi pas seulement jugées sur la bonne solution, mais aussi sur l'explication claire de leur démarche pour y arriver.

La finale du concours *MaachMath* est aussi un rendez-vous convivial. Durant les corrections, les élèves ont la possibilité de participer à des ateliers ludiques faisant intervenir des concepts mathématiques.

Lors de la proclamation des résultats au Forum Geesseknäppchen, chaque classe a reçu un diplôme personnalisé avec une photo de groupe des mains de différents représentants officiels. Cela vient se rajouter au petit cadeau individuel estampillé du logo *MaachMath*, que chaque élève et chaque enseignant reçoit à la fin de l'épreuve.

### *MaachMath* : une longue tradition

Le concours *MaachMath*, qui a connu cette année sa 27<sup>e</sup> édition, a une longue tradition. Le modèle du concours a été lancé en 1992 par François Jaquet en Suisse romande. Fort de son succès, le concours s'est propagé dans les pays limitrophes sous l'appellation RMT (rallye mathématique transalpin). Le Grand-Duché de Luxembourg organise ce concours depuis 1997 sous le nom de *MaachMath*.

Le SCRIPT (Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation Pédagogiques et Technologiques) du ministère de l'Éducation nationale, avec le soutien du Collège des Directeurs et des Commissions Nationales de Mathématiques organise le concours chaque année.

### Les podiums du concours *MaachMath* 2024

#### Les classements de l'enseignement fondamental

##### Cycle 3.1

1. Classe de Madame RICHARTZ Malou de Bertrange
2. Classe de Monsieur FLESCH Fränk de la Vallée de l'Ernz
3. Classe de Monsieur KRAUS Mike du Helperknapp

##### Cycle 3.2

1. Classe de Monsieur MATHIEU Claude de Beckerich
2. Classe de Madame SCHILLING Aline de Colmar/Berg
3. Classe de Madame PEREIRA Catia de Colmar/Berg

##### Cycle 4.1

1. Classe de Madame SILBEREISEN-SCHMITZ Michèle de Grevenmacher
2. Classe de Monsieur IRTHUM Gilles de Bech/Manternach
3. Classe de Madame TRAUFLER Anne d'Echternach

##### Cycle 4.2

1. Classe de Monsieur DUPONT Ralph de Bech/Manternach
2. Classe de Monsieur FREIS Ben de Bettembourg
3. Classe de Monsieur DUPONT Ralph de Bech/Manternach

#### Les classements de l'enseignement secondaire classique et secondaire général

##### 7e ESC

1. Classe de Madame HEINRICY Pia de l'Athénée de Luxembourg
2. Classe de Monsieur MENTGEN Claude du Maacher Lycée Grevenmacher
3. Classe de Monsieur BADDÉ Alex de l'École Privée Fieldgen

##### 7e ESG

1. Classe de Monsieur TODOROVIC Milko du Lycée Technique de Lallange
2. Classe de Monsieur BROY Christoph de l'École Internationale Gaston Thorn
3. Classe de Monsieur HILD Thierry du Lycée Classique d'Echternach

##### 6e ESC

1. Classe de Monsieur BROY Christoph de l'Athénée de Luxembourg
2. Classe de Madame HATZ Patricia de l'Athénée de Luxembourg
3. Classe de Madame MINDEN Lisa du Atert-Lycée Redange

##### 6e ESG

1. Classe de Monsieur MENTGEN Claude du Maacher Lycée Grevenmacher
2. Classe de Madame RIFFLART Colette de l'École Privée Marie-Consolatrice
3. Classe de Madame WEYER Stéphanie du Lycée Josy Barthel Mamer

##### 5e ESC

1. Classe de Monsieur HENGEN Fabien du Lycée de Garçons de Luxembourg
2. Classe de Monsieur BURG David de l'Athénée de Luxembourg
3. Classe de Monsieur MENTGEN Claude du Maacher Lycée Grevenmacher

##### 5e ESG

1. Classe de Madame STRANEN Deborah du Lycée Josy Barthel Mamer
2. Classe de Madame OLSZEWSKI Maya du Maacher Lycée Grevenmacher
3. Classe de Monsieur STEFFEN Gilles du Bouneweger Lycée Luxembourg

##### 4e ESC

1. Classe de Monsieur BREYER Marco de l'Athénée de Luxembourg
2. Classe de Monsieur BROY Christoph de l'Athénée de Luxembourg
3. Classe de Monsieur HSU Ming de l'Athénée de Luxembourg

### D'Rees vum Päiperlek

*E Kannerbuch erliewe mat Übungen, déi gutt dinn*

**D'Jona ass e Päiperlek, wëll, schéin  
a voller Energie! D'Jona léisst sech  
vum Wand droen a wa säi Mo ufänkt  
mat knurren... Sou fänkt d'Geschicht un  
an op all Säit erlieft d'Jona eppes Neies.**

Mir huelen eis Zäit d'Geschicht vum Kati Bohnet kennen ze léieren a vill flott Übungen auszeprobéieren.



Komm mat dengem Elteren, denger Mamm, dengem Papp, denger Giedel, dengem Bopi... mat engem Groussen, mat deem s du gär zesumme bass, an de Familljen-Center!

Nieft engem schéine Moie léiers du iwverdeems wat s du maache kanns wann et dir mol net gutt geet. Dat kënnt ëmmer mol vir. Et ass hëllefräich, wann een dee Moment weess, wéi ee reagéiere kann!

#### Weider Infoen an Umeldung

<https://helperscircle.de/buecher/die-reise-des-schmetterlings>  
<https://www.familljen-center.lu>

Datum: Samschden, 27.07.2024 - Auerzäit: 14:00 - 16:00

Uert: Familljen-Center

Adress: 4, rue G.C. Marshall L- 2181 Luxembourg

Sprooch: Lëtzebuergesch

Fir e kleng Snack a Gedréns ass gesuergt.

De gratis Workshop ass geduecht fir Kanner vu 4-8 Joer.

Begrenzte Plazen, Umeldung per Telefon 47 45 44

oder op [www.familljen-center.lu](http://www.familljen-center.lu)

  
Familljen-Center



D'**Joanne Theisen**, Bachelor an den Erzéiungswëssenschaften, huet beim Kati Bohnet, der Autorin vum Buch, d'Formatioun gemaach fir als SOS-Trainerin ze schaffen.



D'**Lis Thomé**, Médiatrice, Assistante d'hygiène sociale an AntiGewalt-Trainerin schafft am *Familljen-Center* a begleet Mënschen a ganz verschiddene Situatiounen.

Eltereschoul J. Korczak  
Tél. 59 59 59 59  
Mail: [eltereschoul@kannerschlass.lu](mailto:eltereschoul@kannerschlass.lu)



D'Eltereschoul J. Korczak vun der Fondatioun Kannerschlass organiséiert säit 2002 am ganze Land all Zort vun theemateschen Aktivitéite fir Elteren mam Zil si an der Educatioun vun de Kanner ze ënnerstëtzen. D'Eltereschoul gesäit d'Elteren ëmmer a Gruppen, fir et hinnen esou ze erméiglechen, sech och ënnerteneen auszetauschen. Dir fannt eis engersäits do, „wou Eltere sinn“: Maison relais, Schoul, Crèche, mee awer och op Spillplazen, Mäert...

Anerssäits hu mir awer och een Online-Programm fir déi Elteren, déi sech net deplacéiere kënnen oder wëllen.

## ELTERESCHOUL AM SUMMER



### EltereSchoul op der Spillplaz à l'aire de jeux

**D'ELTERESCHOUL  
KËNNT BEI IECH  
L'ÉCOLE DES PARENTS  
VIENT CHEZ VOUS**

**D'Eltereschoul ass op ville  
Spillplaze präsent fir sech mat  
den interesséierten Elteren  
iwwer d'Kannerzéiung  
auszetauschen.**

**L'École des Parents est présente  
sur les aires de jeux du pays pour  
discuter avec les parents  
intéressés sur l'éducation des  
enfants.**



**DATUMER AN AUERZÄITEN**  
DATES ET HORAIRES  
Scannt de QR-Code Scannez le Code QR

**INFORMATIONS:**  
[eltereschoul@kannerschlass.lu](mailto:eltereschoul@kannerschlass.lu)



Eltereschoul J. Korczak  
Tél. 59 59 59 59  
Mail: [eltereschoul@kannerschlass.lu](mailto:eltereschoul@kannerschlass.lu)



## TRIPLE P POSITIVE PARENTING PROGRAM

*„Eltern zu sein kann sehr schön und beglückend sein, es ist aber nicht immer einfach. Denn die Erziehung von Kindern ist oft auch herausfordernd, anstrengend, ermüdend und frustrierend“*

Ziel des wissenschaftlich geprüften Programmes ist es, die Erziehung von Kindern zu erleichtern. Im Mittelpunkt des Kurses steht deshalb die Interaktion (besonders die Kommunikation) zwischen Eltern und Kind, denn oft genügen schon kleine Veränderungen, um die gesamte Familiensituation zu verbessern.

### Für Eltern von Kindern von 2-10 Jahren

<b>Datum:</b>	05.10.24, 12.10.24, 19.10. 24 + 09.11.24 von 09.00-11.30 Uhr (10 Stunden insg.)
<b>Ort:</b>	Luxemburg-Belair, 110, avenue G. Diderich, Eltereschoul
<b>Leitung:</b>	Maryse Greivelding, Educatrice diplômée, Triple-P Trainerin
<b>Sprache:</b>	LU, DE

Preis pro Person (einschl. Handbuch): 40,00 €

Inscription et informations: [eltereschoul@kannerschlass.lu](mailto:eltereschoul@kannerschlass.lu)

*„Etre parent peut être merveilleux et enrichissant, mais ce n'est pas toujours facile. Eduquer des enfants est aussi un vrai challenge“*

L'objectif de ce programme scientifiquement testé est de faciliter l'éducation des enfants. Le cours est donc centré sur l'interaction (en particulier la communication) entre les parents et l'enfant, car il suffit souvent de petits changements pour améliorer la situation familiale dans son ensemble.

### Pour parents d'enfants de 2-10 ans

<b>Dates</b>	23.01.25, 30.01.25, 06.02.25 et 13.02.24 de 18.00-20.30 hrs (10 hrs en tout)
<b>Adresse:</b>	EN LIGNE
<b>Intervenante:</b>	Dunja Wolsfeld, Educatrice graduée, Triple-P Trainerin, Coach parental systémique
<b>Langue:</b>	FR

Prix par personne (manuel compris): 40,00 €

Inscription et informations: [eltereschoul@kannerschlass.lu](mailto:eltereschoul@kannerschlass.lu)

# ▶ De Litty 6

Les Carnets didactiques du Cedom

Juni 2024



Didaktesch, fächeriwwergräifend  
Materialien iwwert Lëtzebuerg  
Kultur vu fréier bis haut, fir Grond-  
schoul a Lycée



Bibliothèque nationale du Luxembourg

Cedom – Centre d'études  
et de documentation musicales

## De Litty

didaktesch, attraktiv, kloer

### Carnet 6:

Rock- a Popmusek zu Lëtzebuerg

ESC/ESG CY INF - CY SUP, (EF)

Geschicht a Geschichten zu der Entwécklung vun der Rock- a Popmusek zu Lëtzebuerg vun den 1960er Jore bis haut, vum Rock'n'Roll, Rock, Hardrock, iwwert Synthipop, Singer-Songwriter bis Hiphop an Electropop. Mat villen Noutebeispiller fir nozesangen an nozespillen

Erausgi vum Centre d'études et de documentation musicales (Cedom) vun der Nationalbibliothéik mat der Ënnerstëtzung vum Educatiounsministère

**Auszeléinen an Ärer Schoulibibliothéik & an allen öffentleche Bibliothéiken**

**Verkaf:** Bibliothèque nationale du Luxembourg  
37D, avenue John F. Kennedy  
L-1855 Luxembourg

**Bestellung:** cedom@bnl.etat.lu

**Präis:** 10 Euro (gratis fir Schoulibibliothéiken a Bibliothéiken)



**A-Geschichtlech Aspekter** | 1. 1960er- an 1970er-Jore: Rock 'n' Roll, Rock, Folkrock an Hardrock | Les Carnets didactiques du Cedom - Litty 6 Rock- a Popmusek zu Lëtzebuerg

### A Geschichtlech Aspekter vun der Rock- a Popmusek zu Lëtzebuerg

#### 1 1960er- an 1970er-Jore: Rock 'n' Roll, Rock, Folkrock an Hardrock

**Info** **Geschichtlechen Hannergrond**

Mat Liddler ewel **Rock around the clock** vum Bill Haley, **Roll over Beethoven** vum Chuck Berry oder **Jailhouse Rock** vum Elvis Presley krieën déi jonk Leit an den 1950er-Jore eng Stëmm géint iwwer der Elterengeneratioun.

*All this time, the music industry was controlled by middle-aged business men, uninterested in change of any kind, and they were making money as things are, so they made no effort to find anything very new.* (Cohn, Nik: *Auspopulalopop Alopobambom - The Golden Age of Rock*, New York: Da Capo Press, 1969, S. 12)

Musikalesch an thematesch schwätzen déi meescht rebellesch Rock-'n'-Roll-Museker hinnen aus der Séll. Mat Gruppen ewel The Beatles (► *Help!*) oder The Rolling Stones (► *Satisfaction*) verannert sech de Rock 'n' Roll stilistesch zur sougenannter Beatmusek (melodesch an harmonesch, beat-bezougte Musek) resp. Rockmusek (melodesch an harmonesch méi einfach, querfir méi rau am Klang). D'1970er Jore si markéiert vum Artrock, an dem Glamrock, zu deem Gruppen ewel Genesis (► *Dancing with the moonlit knight*), Pink Floyd (► *Wish you were here*) a Queen (► *Bohemian Rhapsody*) gehéieren. D'Discozeen gétt beliwwert mat Hits vum de Bee Gees (► *Stayin' alive*) oder der Disco-Queen Gloria Gaynor (► *I will survive*). Kënschtler ewel David Bowie (► *Ziggy Stardust*) oder Elton John (► *Candle in the wind*) lancéieren eng zougänglech, melodesch Popmusek. Dogéint hale Punkrock an Hardrock mat méi rebellesche Klangwelten, esou z. B. d'Sex Pistols (► *Anarchy in the U.K.*), Black Sabbath (► *Iron Man*), AC/DC (► *Highway to hell*), Led Zeppelin (► *Kashmir*) oder Deep Purple (► *Smoke on the water*).

**A-Geschichtlech Aspekter** | 1. 1960er- an 1970er-Jore: Rock 'n' Roll, Rock, Folkrock an Hardrock | Les Carnets didactiques du Cedom - Litty 6 Rock- a Popmusek zu Lëtzebuerg

Radio, Placken, Filmer, Concerte vun 'Ersatz-Elvis' wéi dem Peter Kraus (1939) aus Däitschland an nei Jugendzeitschreften ewel d'BRAVO bréngen Enn den 1950er-Jore escht Rock-'n'-Roll-Klang an déi nei Jugendkultur op Lëtzebuerg.

*There was something else: businessmen had never before seen teenagers as independent commercial units [...] kids bought just about anything that was put in front of them - motorbikes, blue jeans, hair oils, ponytails, milkshakes and, most of all, music.* (Cohn, Nik, S. 17)

De Lëtzebuergeser Armando Bausch (1937-2008, ► *O lover doll*) héit 1959 vief Elvis-Nummeren an däitscher Uewersetzung am Hôtel de Luxembourg (Hotel Thesen, 1832-1972) hannernt dem grousherzogleche Palais an der Stad op. Dësen Hotel gétt an de Jore duerno Rocktempel, Disco a Starclub Nr. 1 zu Lëtzebuerg.

*Modern Pop began with rock 'n' roll in the middle fifties and, basically, it was a mixture of two traditions - negro rhythm 'n' blues and white romantic crooning, coloured beat and white sentiment.* (Cohn, Nik, S. 11)

Zu den eschte **Rock-'n'-Roll**-Gruppen, déi national an international Erfolleg hunn, gehéieren The Sharks (1962-1966). Si suerge mat den neue Klang fir iwwerfeilt. Thés dansants' zu Lëtzebuerg. Si triede regelméissig am RTL-Fernsee an am legendären Olympia zu Parais op. Hei sti si zesumme mat Leit ewel Claude François (1939-1978), ► *Alexandrie, Alexandra*, 1977) oder Petula Clark (1932, ► *Downtown*, 1964) op der Bün.

De Lead-Gitarist vun The Sharks, de Charly Hornemann, huet zu där Zäit eréischt 13 Joer.



### Découvrez nos expositions !



Les expositions attirent l'attention sur des questions politiques ou sociales, stimulent la discussion et encouragent l'action.

Nos expositions sont disponibles gratuitement pour diverses institutions telles que les écoles, musées, communautés, associations, bibliothèques et sont accompagnées de matériel pédagogique pour les enseignant-e-s et éducateur-trice-s.

L'exposition « [Droits Humains. Les 30 règles en langage facile.](#) » peut être consultée en ligne.

<https://zpb.lu/toutes-nos-expositions/>